N°792
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°792 vum 27. Mee 2024 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Contrôles aux frontières allemandes pendant le Championnat d'Europe de football"**

**Fro 1**

Opgrond vum Artikel 27 vum Schengener Grenzkodex huet déi däitsch Inneministesch an engem Bréif vum 8. Mee 2024 un d'Inneminister vun der EU a vun de Schengen-Vertragsstaaten matgedeelt, dass temporär Bannegrenzkontrollen tëscht dem 7. Juni an dem 19. Juli 2024 stattfanne wäerten, dëst am Kader vun der UEFA EURO 2024. Sollt et zu Verkéiersproblemer kommen, géifen d'Pendler iwwert d'Medien doriwwer informéiert ginn, fir hir Dispositioune kënnen ze huelen.

**Fro 2**

Laut dem uewe genannte Bréif vum 8. Mee 2024 géifen déi temporär Bannegrenzkontrollen net duerchgehend a net flächendeckend stattfannen, mee zäitlech an örtlech flexibel duerchgefouert ginn.

**Fro 3**

Den Zäitraum vum 14. Juni bis den 14. Juli bezitt sech op den Zäitraum vun der Fussball-Europameeschterschaft an Däitschland. Zum Zäitpunkt vun der leschter parlamentarescher Fro N° 567 vum 3. Abrëll 2024 war dee genauen Zäitraum vun de Grenzkontrollen nach net bekannt. Dëse gouf réischt duerch de Bréif vum 8. Mee bekannt, an deem déi däitsch Inneministesch präziséiert, dass d'Kontrollen op de 7. Juni bis den 19. Juli 2024 festgeluecht ginn.

**Fro 4**

Op enger bilateraler Entrevue zu Berlin den 22. Mee 2024 hunn ech déi däitsch Inneministesch un d'Pandemie-Zäit erënnert, wärend där d'Covid-Kontrollen op de Grenzen zu massive Verkéiersproblemer gefouert hunn an ee groussen Impakt op d'Pendler an op d'Zesummeliewen an der Groussregioun haten.

Ech hunn der Ministesch d'Ënnerstëtzung vun der Police grand-ducale ugebueden, wéi och d'Zeréckgräifen op de "Centre de coopération policière et douanière" fir den Informatiounsaustausch ze verbesseren. D'Madame Faeser huet deemools präziséiert, dass et sech ëm sporadesch Kontrolle wäert handelen, déi innerorts an Däitschland wäerte stattfannen. Trotzdeem koum et zu Verkéiersproblemer. Et ass mir erkläert ginn, dass déi däitsch Polizisten keng fix Equippen hunn, mee Polizisten aus ganz Däitschland asetzen, déi andscheinend net forcément déi lescht Informatiounen haten.

En marge vum Conseil JAI vum 13. Juni 2024 zu Lëtzebuerg hunn ech déi däitsch Inneministesch nach eng Kéier op den Impakt vun de Bannegrenzkontrollen opmierksam gemaach.

Den 19. Juni 2024 hat ech e weidert Telefonsgespréich mat der Madame Faeser. Parallel dozou sinn och den 19. Juni d'Policedirektioun vu Lëtzebuerg an d'Bundespolizeidirektion vu Koblenz zesummekomm an hu Mesurë festgehalen, fir de Verkéiersfloss, mee och d'Sécherheet am Kader vun der Fussball-EM ze garantéieren. Dohier hunn ech ee Communiqué de presse de 19. Juni 2024 eraus geschéckt, deen dëser Äntwert annexéiert ass.

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN